

**Exposé**

Mme Sam Tanson (déri gréng), auteure | Jo, merci, Här President. Et geet ém d'Due-Diligence-Direktiv. Dir wësst, dass am Moment Bestriewunge sinn op europäeschem Niveau, bei deenen Errungenschaf-ten, déi iwwert déi lescht fënnnef Joer vun der Europä- escher Kommissiou énnert der Leedung vun där aler an neier Presidentin gemaach goufen, notamment am Beräich vun der sozialer Gerechtegheet an dem Klimawandel an der Protektion vun der Ëmwelt, zréckzerudder; dass de Premierminister och d'Chamber opgeruff huet bei dem Neijoerschempfang vun der Fedil, ze soen, mir sollte lo mol verschid-den Handbremsen aleeën, notamment och bei der Transpositioun vun der CSRD-Direktiv, déi eigentlech prett derfir wär, gestëmmst ze ginn.

An d'CSDDD-Direktiv, dat war eng, déi extreem intensiv verhandelt ginn ass, déi awer extreem wichteg ass, well et geet einfach drëm, dass déi Bienen, déi mer hei consomméieren, och responsabel produzéiert gi sinn, dass fir dat, wat mir hei genéissen oder vun deem mir hei profitéieren, net Mënschen a Kan-ner op anere Plaze vun der Welt drénner gelidden hunn, Kanner hu misse schaffe goen oder d'Ëmwelt muttwelleg zerstéiert ginn ass. An duerfir si mer der Meenung, dass hei déi Direktiv soll ouni Delai weider transposéiert ginn a mir hätten och gär e klore Kalen-ner vun der Regierung iwwert déi Transpositioun.

Mir rejoignéieren och domadder en Appell, deen nach gëschter vun den ONGen an deem heite Kontext gemaach gouf. An och zum Beispill dat hollännescht Parlament huet sech eng änlech Motioun ginn a gestëmmst.

An ech deposéieren déi och am Numm vun der LSAP, deene Lénken an de Piraten mat.

Motion

« Transposition de la directive "CSDDD" »

*La Chambre des Députés,
considérant*

– la directive (UE) 2024/826 relative au devoir de diligence en matière de durabilité des entreprises (Corporate Sustainability Due Diligence Directive – CSDDD) a été adoptée et publiée au Journal officiel de l'Union européenne le 5 juillet 2024, avec une obligation de transposition par les États membres avant le 26 juillet 2026 ;

– que cette directive vise à renforcer la responsabilité des entreprises en matière de respect des droits humains et de protection de l'environnement tout au long de leurs chaînes de valeur ;

– que la Présidente de la Commission européenne a annoncé un projet Omnibus visant à modifier plusieurs réglementations en matière de durabilité, y compris la directive CSDDD, ce qui pourrait potentiellement en réduire la portée et retarder la mise en œuvre ;

– que le Premier ministre a récemment invité la Chambre des Députés à ne pas approuver le projet de loi n° 8370 ayant comme objet la transposition de la directive sur la publication d'informations en matière de durabilité des entreprises (CSRD), alors que le projet en question se trouve déjà à un stade avancé ;

– que l'incertitude réglementaire ne saurait justifier une inaction au niveau national et que la transposition de la directive CSDDD dans les délais prévus est essentielle pour garantir la sécurité juridique des entreprises luxembourgeoises et renforcer l'engagement du Grand-Duché en faveur de la durabilité et de la justice sociale ;

– que plusieurs entreprises luxembourgeoises opèrent à l'international et sont concernées par ces exigences de diligence raisonnable, et qu'une transposition rapide et cohérente permettrait de leur offrir un cadre clair et prévisible,

invite le Gouvernement

– à poursuivre sans délai la transposition de la directive CSDDD en droit national, afin de garantir un cadre réglementaire stable et prévisible pour les entreprises et de réaffirmer l'engagement du Luxembourg en faveur de la responsabilité sociale et environnementale des entreprises ;

– à fournir à la Chambre des Députés un état des travaux ainsi qu'un calendrier précis de la transposition de ladite directive.

(s.) Sam Tanson, Marc Baum, Taina Bofferding, Sven Clement, Joëlle Welfring.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Mamm Tanson.

12. 8334 – Projet de loi portant approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres des 4 et 10 mars 2021 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la région administrative spéciale de Hong Kong de la République populaire de Chine amendant l'Accord relatif aux services aériens, signé à Hong Kong, le 3 juin 1998

8366 – Projet de loi portant approbation de l'« Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Indonesia on air services », fait à Jakarta, le 25 mai 2023

8367 – Projet de loi portant approbation de l'« Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Kingdom of Saudi Arabia on air services », fait à Paris, le 20 juin 2023

8372 – Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la création d'un espace aérien commun entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République d'Arménie, d'autre part, fait à Bruxelles, le 15 novembre 2021

8374 – Projet de loi portant approbation de l'Accord global dans le domaine du transport aérien entre les États membres de l'Association des nations de l'Asie du Sud-Est, et l'Union européenne et ses États membres, fait à Bali, le 17 octobre 2022

Da komme mer elo zu de Projet-de-loien 8334, 8366, 8367, 8372 an 8374 iwwert d'Émsetze vun enger Rei Accorden am Beräich vum Loftverkéier mat Hongkong, Indonesien, Saudi-Arabien, Armenien a mat de Länner aus der ANASE. ANASE heescht „Association des Nations de l'Asie du Sud-Est“. Ech erënneren drun, datt dëst e Riedmodell „avec rapport et sans débat“ ass, an deemno huet de Reporter 5 Minuten an d'Regierung, wa se wëllt, 5 Minuten. D'Wuert

hueit elo den honorabelen Här Gusty Graas als Rap- porter vun dëse fënnnef Projet-de-loien. Här Graas.

Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

M. Gusty Graas (DP), rapporteur | Merci, Här Presi- dent. Effektiv, hei geet et ém d'Aviation. A vu datt déi fënnnef Projet-de-loien eng ganz Rei Gemeinsamkeeten hunn, wëll ech se och en bloc hei présentéieren. Si hunn u sech als Zil, den nationale Fluchgesellschaf- ten an och eisem Flughafe besser Perspektiven ze ginn.

Ech wëll fir d'éischt dann op déi dräi éischt Projets de loi agoen – 8334, 8366 an 8367 –, well do eng ganz Rei Gemeinsamkeete bestinn. Fir d'éischt erlaben déi am Fong de Parteien, reegelméisseg Fluchstrecke festzehalen an och d'Sécherheet ze garantéieren. An da sinn och am Kontext vun der Liberalisatioun vum Fluchverkéier an der EU an deenen Accorde spezifesch Klausule festgesat, wat den Droit commu-nautaire ubelaangt. Déi sinn och konform zum EU-Re-glement 847/2004 vum EU-Parlament an dem Conseil vum 29. Abrëll 2004.

Dann: Déi sämtlech Accorde basière sech op eng Konventioun vu Chicago, an zwar vum 7. Dezember 1944, an och op Arrête vum „Open Sky“ vun dem Eu-ropäische Geriichtshaff. Esou Autorisationen kënnen deelweis limitéiert ginn, se kënnen och annuléiert ginn, wann den Transporter sech net un déi néideg Reegelen hält. Ënner gewëssene Konditiounen kënnen och d'Douanestaxen, och aner Taxen, ewechfalen.

Des Weidere gesinn dës Accorden Tariffer, den Engage- ment vun zoustännegen Autoritéiten, sech géigesäitig ze consultéieren, an den Transfert vum Excedent vu Re- cetté vir. Dann ass awer och d'Prozedur, am Fall, wou et Differenze gëtt, dodra regléiert.

Et kënnen och Amendementer zu den Accorden uge-frot ginn. A fir d'Transparenz am Fong geholl ze garan-téieren, sinn och Statistike méiglech, déi kënnen opgestallt ginn. All d'Parteien, déi dës Accorden én-nerschriwwen hunn, garantéieren d'Fixatioun vun de Fluchhafentaxen, datt dat och gerecht geschitt.

An den Annexen zu deenen eenzelle Gesetzer sinn natierlech och Tabloen dran, wou och déi eenzel Des-tinatiounen festgehale sinn, déi vu Lëtzebuerg aus ugeflu kënne ginn. An och déi eenzel Escalé ginn na-tierlech dodra festgeluecht.

Den Negociatiounsprozess gëtt der Europäischer Kommissiou virgeluecht, fir datt se natierlech am Aklang mam communautairé Recht ass. An iww-regens erlaabt d'Digitalisierung eng rapid Kom-munikatioun. Ech verweisen hei op déi sekuriséiert Plattform CIRCABC, dat heescht „Centre de ressources en communication et information pour les adminis-trations, les entreprises et les citoyens“.

Ech wëll da kuerz mam Projet de loi 8334 ufanken. Dee gouf den 23. Oktober 2023 deposéiert an hei geet et ém en Amendement vum Accord aérien téschent der Regierung vun Hongkong an eiser Regierung. Déi gouf den 3. Juni 1998 zu Hongkong énnerschriwwen. An zu deem Zweck goufen elo Bréiwer echangéiert téschent der Regierung vun der Spezialverwaltung vun Hongkong aus der Volksrepublik China an eiser Regierung de 4. respektiv den 10. Mäerz 2021.

Vum Conseil d'État koum keng Oppositioun, och weider keng Remark. An d'Chambre de Commerce énnersträcht, datt am Fong duerch dësen Accord déi wirtschaftlech a kommerziell Relatiounen téschent Lëtzebuerg an Hongkong och kënne verbessert ginn.

De PL 8366 gesäit dann en Agrement zwëschent dem Grand-Duché de Luxembourg, also eisem Land, an



der Republik vun Indonesie vir. Dee gouf den 28. Mäerz 2024 deposéiert. An deen Accord inspiriéert sech um Modell vun der OACI, dat ass d'Organisation de l'aviation civile internationale.

Den Avis vum Conseil d'État ass vum 11. Juni 2024, an dee weist hei op de Paragraf 2 vum Artikel 19 hin, dat heescht eng Ännierung vun der Annex 1. Do muss d'Parlament kee Gesetz maachen. Allerdéngs erénnert en hei och un den Artikel 20, datt Amendementer allerdéngs der Chamber musse virgeluecht ginn, wann eist Land nach net duerch eng „multilateral convention“ juristeschi liéiert ass.

De PL 8367 ass dann en Ofkommes mat Saudi-Arabien, dat zu Paräis den 20. Juni 2023 énnerschriwwen gouf. Den 28. Mäerz 2024 ass en deposéiert ginn. E baséiert op engem Accord aérien vun 2011 an dann awer och op der Kooperatioun téscht der Cargolux an de saudi-arabeschen Autoritéiten sät dem Joer 2005.

Dat erlaabt natierlech och der Cargolux, hei weider wichteg Escalé fir Ostasien ze kréien. Zénter 2005 flitt d'Cargolux reegelméisseg op Dammam an zénter 2008 an d'Hauptstad vu Saudi-Arabien, op Riad. 2022 huet d'Cargolux net männen wéi 22.000 Tonnen do riwwer transportéiert a bis 2030 wéll Saudi-Arabien seng Fret-Capacitét op 4,5 Milliounen Tonnen erhéijen. D'Land spüllt also schonn eng zentral Roll an där ganzer Golffregioun. An dése Partenariat offréiert eisem Land jiddefalls, seng Presenz an enger wirtschaftlech dynamescher Regioun ze erhéijen.

Hei ass den Avis vum Conseil d'État vum 11. Juni 2024. An en huet do änlech Remarke gemaach wéi beim PL 8366.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann nach zwee weider Accorden. An zwar den 8372, dat ass en Accord téscht der Europäescher Unioun an engem Land, mat deem mir an deene leschte Joren, muss ee soen, gutt Kontakter opgebaut hunn, dat ass Armenien. Net méi spéit wéi d'lescht Woch war jo nach de President vum armeenesche Parlament bei eis op Besuch.

An hei geet et ém en Ofkommes iwwert d'Schafe vun engem Loftraum téscht der Europäescher Unioun an Armenien. Dat gouf zu Bréissel de 15. November 2021 énnerschriwwen. An Armenie soll op dés Manéier und an den elargéierte Fluchraum vun der EU kommen, d'selwecht wéi zum Beispill d'Länner vum Balkan, awer och d'Ukrain. Déi europäesch Norme ginn u sech duerch désen Accord an den erwiderte Loftraum mat Armenien exportéiert. Et geet virun allem och ém eng gerecht Konkurrenz an och ém Émwelt-normen, wat jo och net onwichteg ass.

Létzebuerg huet zwar de Moment schonn e liberaalt Ofkommes mat Armenien. Mir kréien allerdéngs elo zousätzlech Avantagen, well mer elo können en internationale logisteschen Hub am Fluchcargo weider ausbauen.

Dann de PL 8374: Do geet et ém de Fluchtransport zwéischen der EU an der Association vun de Staaten aus Südostasien, ANASE oder ASEAN. Dat ass d'Konsequenz vun der EU-Fluchstrategie aus dem Joer 2015, an deen Accord gouf de 17. Oktober 2022 zu Bali énnerschriwwen.

D'Fluchgesellschaften henn elo illimitéiert Vollen téschten de Regioune. Si profitéieren och vun den Trafickrechter vun der „5. Fräheit“. Déi, déi e bëssen am Bild sinn iwwert déi ganz Legislatioun, déi wëssen, wat dat bedeit.

An désen Accord reit sech och an an e puer simultan Negociatiounen mat anere Länner, wéi dem Katar, der Türkei, de Vereenegten Arabeschen Emiraten an dem Oman. A Létzebuerg huet och scho bilateral

Arrangementer mat siwe Länner vun der ANASE. Dat heesch, duerch dësen Accord mat der EU kritt am Fong geholl Létzebuerg weider kommerziell Opportunitéite fir eise Fret.

Mat dräi Länner aus dem ANASE, oder ASEAN, wéi gesot, huet Létzebuerg kee bilateralen Accord. Dat si Brunei Darussalam, de Myanmar an de Laos. Dës Länner falen elo awer énnert de multilateralen EU-Accord. Voilà!

Ech Hoffen, datt dat do elo e bësse verdaulech war. Jiddefalls sinn et awer trotz allem ganz wichteg Gesetzesprojekten. Virun allem, nach eng Kéier, fir eis national Fret-Gesellschaft an och fir eisen nationale Fluchhafen ass et eng ganz wichteg Neierung, dass se elo zousätzlech Perspektive gebuede kréien. An ech géing Iech dann och bieden, deene fénnef Gesetzer Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Graas, fir Är fénnef schréftlech a fir Är fénnef mëndlech Rapporten. Dat war alles komplett.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert, wa se d'Wuert wëllt. Madamm Minister.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech soen natierlech dem Députéierte Gusty Graas e ganz grousse Merci fir säi comprehensiven an effikasse Rapport. Ech mengen, dat hei ass wierklech ganz wichteg, dës fénnef Accords aériens, fir eise vaste Reseau vun Accord-aérienen och émmer weider auszubauen.

Et ass wichteg fir eis Fluchgesellschaften. An ech mengen, hei geet et haapsächlech ém d'Cargolux, déi vun dësem Reseau ka profitéieren, vun de Rechter, déi se domadder kritt, an dass se nei Opportunitéiten hei ka saiséieren. Dofir soen ech, wann dat dann esou ass, Merci fir d'Zoustëmmung vun der Chamber zu deenen dräi bilateralen an deenen zwee EU-Accorden.

Ech wéll vläicht just ganz kuerz en Update ginn. Létzebuerg huet elo dann am Total 46 Accords aériens ratifizéiert. Den ASA mat Japan gëtt deemnächst an der Chamber deposéiert – pour info –, 7 ASAs sinn nach amgaangen, verhandelt ze ginn, an 3 sinn der prett, fir énnerschriwwen ze ginn. Dat heesch, Dir gesitt, mir schaffen hei permanent weider drun, fir eise Reseau vun Accords aériens auszubreeden.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Minister Merci. Domat wär dann dés Diskusioun ofgeschloss.

Da géinge mer zum Vott vun dése Projete kommen. Dorriwwer kënne mer natierlech net en bloc ofstëmmen. Mir musse fénnefmol euenzel iwwer jiddwer Projekt de loi ofstëmmen. Ech géing Iech nach eng Kéier froen, ob Der alleguer Är Anlag ugemaach an Iech op Ärem Posten ageloggt hutt, fir kënne mat ofstëmmen. Wann dat de Fall ass, da géinge mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8334 kommen. Den Text stéet am Document parlementaire 8334³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8334 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mit 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spatz, Charles Weiler (par M. Maurice Bauer), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi 8366. Den Text stéet am Document parlementaire 8366³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8366 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dësen Text ass also mit 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spatz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?



(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8367. Den Text stéet am Document parlementaire 8367³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8367 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emeling, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8372. Den Text stéet am Document parlementaire 8372³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8372 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emeling, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8374. Den Text stéet am Document parlementaire 8374³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8374 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emeling, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decideéiert. Domat wäre mer dann och um Schluss vun dësem Punkt ukomm.

13. Motion de M. Marc Goergen relative au maintien du réseau actuel du TICE

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 35 de ce compte rendu)

Mir géinge bei deen nächste Punkt eriwwergoen. Dat ass a sech elo fir d'éischt d'Motioun, déi den Här Goergen deposéiert hat am Ufank vun eiser Session. Här Goergen, wéllt Dir nach eng Kéier d'Wuert huelen?

(Négation)

Dir hat se scho virdrun explizéiert. Da kritt Der zum Schluss nach eng Kéier d'Wuert, wann Der wéllt.

Wie wéllt zu déser Motioun Stellung huelen? D'Madamm Cahen huet sech gemellt. Gëtt et nach aner Wuertmeldungen? Einstweilen net. Da kucke mer dat duerno. Den Här Wolter huet sech nach gemellt. Madamm Cahen, fänkt Dir alt un.

Discussion générale

Mme Corinne Cahen (DP) | Villmools merci, Här Président. Merci och fir déi Motioun. Also, et ass esou, dass déi Verhandlungen am Moment nach lafen. Dat heesch, ech mengen, Dir wësst, Här Goergen, dass, soubal do eppeze berichten ass, d'Ministesch émmer direkt an d'Chamberkommissioune kënnt. Dat wäert och an dësem Fall ganz sécher geschéien. Dofir gesinn ech net, firwat mer déi heite Motioun elo sollten unhuelen. Déi Verhandlunge sinn, wéi gesot, nach amgaangen. An dofir géif ech proposéieren, dass mer déi Motioun hei verwerfen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Cahen. Här Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Ech géif do wëllen enchainéieren, wou d'Madamm Cahen opgehalen huet: Et ass menger Meenung no net mol eng Fro vun der Kommunikatioun a vun der Ministesch, déi an eng Chamberskommissioune kënnt. Et ass d'Fro, datt deen, deen dat hei geschriwwen huet, iwwerhaapt net weess, vu wat e schwätz, ...

(Hilarité)

... fir et emol op Lëtzebuergesch ze soen. Well et geet nämlech net ém d'Fro, ob den TICE-Reseau a senger aktueller Form net ofgebaut gëtt a keng Strecken a Kilomeeteren op den RGTR ausgelagert ginn, well den TICE strictement incapabel ass, déi Kilomeeteren ze fueren, vun deenen de Staat gären hätt, datt se an deenen nächste Jore solle gefuer ginn.

Et ass also éischter d'Fro: „Wat ass deen Deel vun dem effentlechen Transport, deen den TICE am Süden an Zukunft nach ka fueren?“, wéi d'Fro, ob den TICE, deen iwwerhaapt net à même wier, dat ze maachen – dee wierklech net à même wier, dat ze maachen, well en d'Leit net huet, d'Bussen net huet an och d'Hangaren net huet –, der Meenung wier, datt e vu 6,5 op 11 Millioune Kilomeeter géif an d'Luucht goen.

Dat Zweet, wat mer weist – et deet mer leed, et ze soen –, dass deen, deen dat heite geschriwwen huet, net weess, ém wat et geet, ass, dass dee seet: „bei der neier Konventioun dem TICE keng finanziell Hëlfelen ze kierzen.“ Et ass de Contraire: D'Diskussioune lafen drëm, datt de Staat méi eng héich Participation wéi haut gëtt, well d'Gemengen aus dem Süde finanziell net à même sinn. Wann ee geschriwwen hätt, dass een net gär gehat hätt, dass d'Gemenge méi missten drastichen, da wär ee méi no bei der Wouerecht gewiescht.

Mee et geet bei all deenen Negotiationen iwwerhaapt net drëm, dass de Staat manner Suen op den Dësch géif leeën, mee et geet eigentlech drëm, dass de Staat weesentlech méi Sue muss op den Dësch leeë fir dat, wat énner Punkt 1 fälschlecherweis net richteg ausgedréckt ginn ass, nämlech déi Kilomeeteren, déi am Süden an deenen nächste Joren ze fuere sinn, kënnen ze fueren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wolter. Elo hunn ech dräi Wuertmeldungen. Den Här Biancalana, den Här Sehovic an den Här Wagner. Här Biancalana.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här Président. Ech géif do weiderfueren, wou den Här Wolter opgehalen huet. Ech mengen, de Moment